

Vun Hexen an Hexekraider

Moie Kanner!

An dëser Woch vun de Kraider erzielen ech iech eppes iwwert Zauberplanzen an Hexekraider.

D'Nicole huet iech de Méinde scho vill iwwert déi verschidden Zorte Kraider gezielt. Di eng hu mir an eisem Gaart fir z'iessen a fir ze wierzen, déi anerer wuesse wëll dobaussen an de Wise wéi z.B. d'Pissblumm.

D'Nicole huet ausserdeem erzielt, dass et och Kraider ginn déi Heelwierkungen hunn. Dat wossten se schon am Méttelalter!

Mee hutt dir dann och schon eppes vu „Hexekraider“ oder „Zauberplanzen“ héieren?

Wa mir vun Hexekraider schwätzen, dann denke mir jo sécher un d'Hexen. Et gëtt gesot, dass d'Hexe fléie kënnen. An dass si dofir hire Biesemsstill mat Hexesallef areiwen. Des Hexesallefe ware besonnesch am Méttelalter bekannt. Sou eng Sallef hunn sech d'Hexen aus ganz verschidde Planzen am Hexekessel zesumme gekacht. Verschidden Hexesallefen haten eng änlech Wierkung wéi Drogen. Deen dee sech domadder ageriwwen huet ass ganz dusseleg, midd oder opgereeht ginn. Heiansdo huet deen och gefuebelt, an huet geduecht e géif e sech an en Déiere verwandelen oder e kéint fléien!

Dorops hin sinn d'Hexekraider am Méttelalter mat Zauberei oder mam Däiwel a Verbindung bruecht ginn. D'Leit déi d'Wierkung vun de Planzen net kannt hunn, hunn gefaart! Si hunn dat net verstanen an dat huet hinnen Angscht gemaach. Do hunn si d'Kraiderfraen als Hex ugeklot a verjot. Sou ass et zu den Hexejuegte komm.

Mee net all déi selwer gemëschten Hexesallefen haten halluzinoge Wierkungen. (Kanner, wann een eppes gesäit, héiert oder richt wat net wierklech do ass, da soe mir: „deen halluzinéiert“. D'Wierkung vun esou Drogen nennt een dann „halluzinogen“.) Aus dëse Kraider sinn och erstaunlech Rezepten gemëscht ginn déi geheelt hunn, déi also bei Krankheete gehollef hunn

Wat wësse mir eigentlech haut nach iwwert déi „Hexekraider“ déi hei an Europa heemesch sänn?

Déi bekannt Hexekraider wuesse bei eis am Gaart wéi de Salbei, oder an de Wiesen z.B. d'schmuel Weeblat oder am Bësch, do wüsst d'Mäkräitchen. Et ginn awer och nach ganz vill anner Hexekraider an Zauberplanzen nämlech d'Kamill, dat grousst Hexekraut, den echte Baltes, d'Brennessel, d'Pissblumm, de Bäibëss, d'Ringelblumm oder den Thymian.

Haut ze Daags gi se an de Medikamenter genotzt, wei och als Téi, Sallef oder Sirop. De Salbeitéi oder den Thymiantéi wierke berouegend géint Halswéi. D'schmuel Weeblat - Sallef kann en huele géint Insektstéich. De Pissblummsirop schmaacht net nëmme gutt, mee stäerkt och eisen Immunsystem. De Mäkräitchentéi kann en géint Kappwéi huelen. D'Ringelblummsallef hemmt d'Entzündungen a fuerdert doduerch d'Wondheellung.

Jo, Hexekraider oder Zauberplanze sinn Heelplanzen!

Am Mëttelalter haten se nach keng Apdikte wéi mir haut, mee „Kraiderhexen“. Déi woussten deemools scho wat fir e Kraut ee fir welchen Zweck benotze kann.

Op der Homepage steet e Rezept wéi ee ganz einfach eng Hexesallef hierstelle kann